N°2936
Entrée le 25.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.09.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 24 septembre 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics weiderzeleeden:

*„ No verschiddene schlëmmen Ongläcker op eise Stroossen, mat deels dramatesche Konsequenzen, gouf d'Diskussioun ronderëm d'Installéiere vun neie Radaren nees frësch lancéiert.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics folgend Froe stellen:*

1. *Wat kascht d'Installéiere vun engem eenzelne Radar de Staat am Duerchschnëtt?*
2. *Wat ass de Präis vun der Installatioun vun engem Streckeradar?*
3. *Wéi héich sinn 2024 d'Entretienskäschte vun de Radaren hei am Land gewiescht? Wéi vill Radaren a Streckeradare ginn et de Moment?*
4. *Tëscht Viichten a Bissen geschéien dacks Accidenter, och mat déidlechem Ausgang. Ass et schonn eng Etude ginn, mat Hëllef vun där festgestallt konnt ginn, ob sech d'Installéiere vun engem Radar op dëser Streck imposéiert? Wann net, ass sou eng Studie eventuell geplangt?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu